MEMORIAL
Journal Officiel du Grand-Duché de Luxembourg

MEMORIAL
Amtsblatt des Großherzogtums Luxemburg

RECUEIL DE LEGISLATION

A — N° 112 **11 août 1999**

Sommaire

ORTHOGRAPHE LUXEMBOURGEOISE

Règlement grand-ducal du 30 juillet 1999 portant réforme du système officiel d'orthographe luxembourgeoise . . . . . page 2040

Règlement grand-ducal du 30 juillet 1999 portant réforme du système officiel d'orthographe luxembourgeoise.

Nous JEAN, par la grâce de Dieu, Grand-Duc de Luxembourg, Duc de Nassau ;

Vu la loi du 24 février 1984 sur le régime des langues et notamment les articles 1er, 3 et 4 ;

Considérant que la langue luxembourgeoise forme matière d'enseignement et qu'il est indispensable de fixer des règles orthographiques nettes et précises ;

Vu l'article 2(1) de la loi du 12 juillet 1996 portant réforme du Conseil d'Etat et considérant qu'il y a urgence ;

Sur le rapport de Notre Ministre de la Culture et après délibération du Gouvernement en Conseil ;

Arrêtons:

Art. 1er.- L'arrêté ministériel du 10 octobre 1975 portant réforme du système officiel d'orthographe luxembourgeoise est abrogé. Toutefois, l'annexe de l'arrêté précité est à considérer comme faisant partie intégrante du présent règlement.

Art. 2.- L'orthographe officielle de la langue luxembourgeoise se fonde sur les principes revus et modifiés par le Conseil permanent de la langue luxembourgeoise tels qu'exposés en annexe de ce règlement et qui modifie l'annexe de l'arrêté ministériel précité.

Art. 3.- Notre Ministre de la Culture est chargée de l'exécution du présent règlement qui sera publié au Mémorial.

Art. 4.- Le présent règlement entrera en vigueur le jour de sa publication au Mémorial.

La Ministre de la Culture,
Erna Hennicot-Schoepges

Palais de Luxembourg, le 30 juillet 1999.
Pour le Grand-Duc:
Son Lieutenant-Représentant
Henri
Grand-Duc héritier

Annerongen an der Lëtzebuerger Orthographie

1. Eenzel an duebel Vokalen

1a) D'Vokalen [i] - [u] - [o] - [a] . . . (de Vokal - [e] - ënnerläit anere Regelen, déi ënnert 1e. opgefouert sinn) ginn an de betountenen an oppene Silbe virun engem Konsonant laang ausgeschwat.

Se ginn an de betountenen an zouene Silbe viru méi Konsonante kuerz ausgeschwat.

Gëtt de Vokal viru méi Konsonanten nawell laang ausgeschwat, da gëtt en duebel geschriwwen.

Beispiller

al all dat Aalt

hatt hat d'Laascht

frot och d'Moodchen

1b)

a Zesummegesate Wierder ginn esou geschriwwen, wéi wann se net unenee geschriwwe wieren, och wann

b en Iwwerganks - <s> dertëschent kënnt.

Beispiller

a) Alstad, Molkëscht, ofschafen, Sakgaass, Ursaach,

b) dagsiwwer, Kathedralstierm, Konveniatsiessen, Schofspelz,

c Respektéiert gëtt awer d' Äifeler <n>-Regel, no där den <n> net geschriwwe gëtt, wann en net geschwat gëtt.

Beispiller

Kazebockel *Dammeschong* *schéimaachen*

1c) D'Verben <sinn>, <hunn>, <goen>, <ginn>, <stoen>, (an d'Varietéite vum Verb <doen>) ginn, wéi all déi aner Verben, nom Prinzip vun der Konsonanteverdueblong no kuerzem Vokal geschriwwen:

(déi nei Schreifweis ass fett gedréckt)

Infinitiv (Infinitif)

sinn	***hunn***	***goen***	***ginn***	***stoen***	***doen***
			(donner, devenir)		

Indikativ Präsens (Indicatif présent)							***Varietéite vun doen***		
ech	***sinn***	***hunn***	***ginn***	***ginn***	***stinn***	*doen*	*don*	***dinn***	***dunn***
du	***bass***	*hues*	*gees*	*gëss*	*stees*	*dees*	*dees*	*dees*	*dees*
hien	***ass***	*huet*	*geet*	*gëtt*	*steet*	*deet*	*deet*	*deet*	*deet*
mir	***sinn***	***hunn***	***ginn***	***ginn***	***stinn***	*doen*	*don*	***dinn***	***dunn***
dir	***sidd***	***hutt***	***gitt***	***gitt***	***stitt***	*dot*	*dot*	***ditt***	***ditt***
si	***sinn***	***hunn***	***ginn***	***ginn***	***stinn***	*doen*	*don*	***dinn***	***dunn***

Perfekt (Passé composé)

si *gewiescht*	***hu*** *gehat*	***si*** *gaangen*	***hu*** *ginn*	***si*** *gestanen*	***hu*** *gedoen*

Imperativ (Impératif)

sief/ ***bass*** *de*	*hief*	*géi*	***gëff***	*stéi*	*do*
sieft */ sidd*	*hieft*	***gitt***	***gitt***	***stitt***	*dot*

1d) Eng Partie vun eesilbege Wierder a Virsilben kréien, no kuerzem Vokal, ausnahmsweis nëmmen ee Konsonant:

d'Artikelen: dem, den, der, des

d'Personalpronomina: es, em, en, et, him

d'Partikelwierder: an, am, bis, dran, drop, drun, dun (duerno), ëm (*dt*. um), eran, hin, mam, mat, ob, op, um, un, vum, vun, zum

d'Virsilben an-, ëm-, em-, on-, op-, ver-, zer-

d'Negatioun: net

1e) Gëtt de Vokal <e> laang ausgeschwat, da gëtt en duebel <ee> geschriwwen, egal wéivill Konsonanten hannendru kommen.

a) *Breedewee, Deeg, Elterevereenegong, eegen, Eenegkeet, feelen, greezen, heemelen, jee, Kleed, Kleesercher, reesen,*

Beispiller

b) *Feescht, Kleeschen, Seechen, weech*

Ausnahme sinn däitsch oder aner friem Wierder, déi an deene Sprooche mat engem einfachen <e> geschriwwe ginn, an déi mir onverännert iwwerhuelen:

Beispiller

Gen, Kegel, Meter, Pegel, penibel, Problem, Regie, Segel, Segen, Serie, System, trotzdem, weder, wegen,
Alphabet, Demokratie, Geographie, Theater, Theologie

2. <u>Den <é> an den <ë></u>

2a) Den <é> an den <ë> kréien nëmmen an enger betountener Silb hiert diakriteschte Zeechen (Accent aigu oder Trema):

Beispiller

Béckerlek, Fabréck, Geléng, Sprénkeng, verréckt, ënnen, Fëschbech, fënnef, gerëscht, Krëppeng, Rëmeleng

also net bei

Aarbecht, Bungeref, Leideleng, Kiewerlek (Kiewerleken), Kinnek (Kinneken,) Méischdref, Méischtref, Musek, Museker, President, presséiert, Pressessioun

2b) ouni <é> geschriwwe ginn d'Personal-Pronomina: <*ech, mech, dech, sech*> an d'Possessiv-Pronomina: <*meng, deng, seng*>.

mat <ë> geschriwwe ginn d'Demonstrativ-Pronomina: <*dës, dësem, dësen, dëser, dëses, dëst*>

ouni <ë> geschriwwe ginn:
- d'Artikelen: <*den, dem, der*>
- d'Pronomina vun der 3. Persoun: <*em, en, er, es, et*>
- d'Negatioun <*net*>

2c) De kuerzen däitschen <ö> schreiwe mer ëmmer <ë>.

Beispiller

Bevëlkerong, ëffentlech, fërmlech, gëttlech, hëlzen, nërdlech, Wëllef

Däitsch Wierder mat engem laangen <ö> behalen deen:

Beispiller

blöd, Föhn, Hörer

3. De Rëtschvokal <e>

3a) De Rëtschvokal <e> kritt nëmmen dann en Trema, wann en op <ee> stéisst.

Beispiller

Jeeër, leeën, seeën, gëeelzt, gëeetert

awer

Aen, muer, Joer, bieden, goen, haen, geéiert, héieren, moien, Neies

3b) De Rëtschvokal <e> gëtt a Wierder geschriwwen, wou keen <r> hannendru kënnt (wéi: bieden, Buedem, Suebel)

an och a Wierder, an deenen nom Rëtschvokal en <r> a wéinstens nach een anere Konsonant steet; et ass dobäi egal, ob de Vokal virdrun identesch mam däitsche Vokal ass oder net. D'Duebelschreiwong vum Vokal virun <r + Konsonant> (z.B.: Kiirch) gëtt also ofgeschaaft.

Beispiller

Kirche	-	*Kierch*	*ihr wäret*	-	*dir wiert*
Wirt	-	*Wiert*	*Berg/Bürge*	-	*Bierg*
Turm	-	*Tuerm*	*Berge/ Bürger*	-	*Bierger*
Burg	-	*Buerg*	*Wort*	-	*Wuert*
Geburt	-	*Gebuert*	*Irrtum*	-	*Iertum*
kurz	-	*kuerz*	*arg*	-	*uerg*
irgend	-	*iergend*	*Morgen*	-	*Muergen*
du wärest	-	*du wiers*			

3c) de verwëschtenen <r>

Et sief drun erënnert, datt mir dat däitscht Schrëftbild och bei Wierder respektéieren, wou den [r] nom Rëtschvokal verwëscht ass; den [r] gëtt also net nëmmen a Wierder geschriwwen wéi: W*ierder, Uerder, äerdeg* ... mä och wann den [r] virun engem <sch> steet:

Beispiller

Fierschter, Hierscht, Uerschdref

3d) de Rëtschvokal gëtt net geschriwwen

- nom <ä>, wann duerno den <r> eleng als Konsonant steet

Beispiller

är, däreg, gären, Här, Märel, Stär, Zär,
(am Géigesaz zu: Äerd, Päerd, Häerchen)

- no<i> an <u>, wann duerno den <r> eleng als Konsonant steet a wann de lëtzebuergesche Vokal identesch mam däitschen ass.

also:	***awer:***
dir	*Dier (Tür)*
mir	*Mier (Meer, Mähre)*
hir	*hier (her)*
Bir (Birne)	*Bier (Bär, Beere, Bahre)*
Stir (Stirn)	
Geschir	
iren (irren)	*ieren (etwa)*
Bur (Brunnen)	*Buer (Bohrer)*
stur	
zur	

Ausnahme sinn: fir (für) an vir (vor)

- Den däitsche Rëtschvokal <ie> virun <r> gëtt an eiser Sprooch bäibehalen.

Beispiller

gierig - giereg; Nieren - Nieren; schmieren - schmieren; Schmiere - Schmier; Zierde - Zier

4.<e> schreiwen oder net? (Allegro- a Lentoform)

A ville Wierder hu mir d'Tendenz, den <e> net auszeschwätzen, och wann en an der däitscher, der franséischer oder och an eiser Sprooch zum Wuert gehéiert:

Beispiller am Wuert

Temperatur (Tempratur), Timberen (Timbren), Artikelen (Artiklen) , gouereg (goureg)

als Optakt

elo (lo), eran (ran), eraus (raus), esou (sou), erëm (rëm), ewech (wech), ewéi (wéi), ewell (well)

Et ass unzeroden, dësen <e> ze schreiwen, mee et bleift dem Eenzelen iwwerlooss, ob hien dat wëllt (z.B. wéinst der Versmetrik); dëst mat der Präzisioun, datt den ongeschriwwenen Optakts-<e> net duerch en Apostroph ersat gëtt:

Beispiller

lo, raus, rëm

Et muss een sech bewosst sinn, datt sou ënnerschiddlech Wuertkonstruktiounen entstinn:

Beispiller

an elo - a lo; gees d'ewech! - gees de wech!; kënns d'erëm? - kënns de rëm?

5. Friem Wierder

5.1 Franséisch Wierder:

Mir deelen déi franséisch Wierder an eiser Sprooch an dräi Zorten op:

- déi onveränert (*Barrière, Ministère, Trottoir*)
- déi mat franséischem Stack (*Timber, Ensembel, Députéierten*)
- déi ganz iwwerholl (*Jilli, Fotell, Jandaarm, Klautjen, Wallis*)

a) Et soll ee frieme Wierder am Prinzip déi Schreifweis loossen, déi se vun doheem aus hunn:

Beispiller

Abus, Accent, Accident, Cabine, Concours, Courage, Cousine, Dictionnaire, Menu, Partie, Quatre-Vents, Revenu, Service (Déngscht), Trottinette, Trottoir

Dat gëllt och fir Wierder, déi bis elo en <^> op dem Vokal virun engem Nasal-Konsonant haten, an deen elo wechfält:

Also net méi:

“Tîmber” mä “Timber”
“Mêmber” mä “Member”
“Camiôn” mä “Camion”

Mir solle bei der Abiergerong vu franséischen oder anere frieme Wierder an eis Schreifweis ëmmer virsiichteg sinn.

Beispiller

Chrëschtdag, Diwwi, Jandaarm, Jelli, Jilli, Keess, Klautjen, Koseng, Maschinn, Schantjen, Wallis, zerwéieren, Zerwiss (Iess-), Ziwwi

b) Franséisch Wierder behalen hir franséisch diakritesch Accenter (é, è, ê) .

Beispiller

Barrière, Employé, Employée

Dat gëllt och, wann d’Wuert zum Deel eng lëtzebuergesch Form huet:

Beispiller

Décisioun, enquêtéieren, Réunioun, résuméieren

c) D’lëtzebuergesch Mehrzahl bei franséische Wierder <-en> oder <-er> gëtt un d’Wuert drugehaangen, nodeems een d’franséisch Mehrzahl <s>, <es>, <x> ewechgelooss huet:

Beispiller

les trottoirs - d’Trottoiren

les bijoux - d’Bijouen

les cours	-	*d'Couren (egal op Häff oder Léiercouren)*
les employés	-	*d'Employéen*
les employées	-	*d'Employéeën*

d) Am Zesummenhank mat der Äifeler n-Regel gëtt de Problem mat derMehrzahl vu verschiddene franséische Wierder, déi mat stommem <e> ophalen, doduerch geléist, datt d'lëtzebuergesch Endung <ë> geschriwwe gëtt.

Beispiller

ouni <n>: *Chancëgläichheet, Assurancëwiesen, d'Poubellë voll maachen, d'Corbeillë fëllen, d'Ficellë bréngen*

mat <n>*: d'Poubellen eidel maachen, d'Corbeillen droen, d'Ficellen opwéckelen*

e) Bei der Mehrzahl vun zesummegesatene franséische Wierder gëtt dat éischt Wuert grouss geschriwwen, d'Wierder ginn, mat Ausnahm vum leschte Wuert, an der franséischer Einzahl geschriwwen, se ginn duerch Trait-d'unione verbonnen, an dat lescht Wuert kritt eng lëtzebuergesch Mehrzahlsendong.

Beispiller

Chargé-de-couren, Chaise-longuen, Fait-accomplien, Grande-surfacen, Point-de-vuen, Procès-verbalen, Repas-sur-rouen, Sens-interditen, Trait-d'unionen

f) Franséisch Wierder déi et och am Däitsche gëtt:
Allgemeng sief festgehalen, datt mir eis an deem Fall méi un déi däitsch Schreifweis halen. An dem Fall falen déi franséisch diakritesch Zeechen natierlech ewech.

Beispiller

Affär, Aktioun, Aktionär, Büro, Deputéierten, Detail, egal, Fassad, Fiktioun, Millionär,Pétitioun, Realitéit, Sekretär

5.2 Griichesch Wierder:

Mir respektéieren am Prinzip d'Original-Schreifweis vun de griichesche Wierder, iwwerhuelen awer méi einfach Schreifweisen aus de moderne Sproochen:

Beispiller

Bibliothéik, Chrëschtdag, Delphin, Orthographie, Philosophie, Theater, Thees, Thema, Theologie, Thermometer
***awer**: Elefant, Fantasie, Fotografie*

Hunn sech aus där Sprooch awer schonn typesch lëtzebuergesch Wierder erginn, da loosse mer den <h> ewech:

Beispiller

den Téid, d'Téik

Bei den agebiergerte Wierder setze mer dann och eis eegen diakritesch Zeechen:

Beispiller

d'Tëlee (awer Televisioun!), de Vëlo

5.3 Englesch Wierder:

Och bei den englesche Wierder respektéiere mir am Prinzip deenen hir Schreifweis. D'lëtzebuergesch Mehrzahl forméiert sech awer no eise Sproochgewunnechten.

Beispiller

Jeep - Jeepen; Club - Clibb - Clippercher; Slip - Slippen

6. <ss> am Lëtzebuergesche bei däitsche Wierder mat <chs> oder <z>

Bei lëtzebuergesche Wierder mat [s] deen engem däitschen <chs> oder <z> entsprécht, schreiwe mir <ss>.:

Beispiller

Flachs - Fluess; Fuchs-Fuuss; Wachs-Wuess ; Ochse-Uess; Weizen-Weess

7. Wann en 3. Konsonant bäikënnt . . .

Wa bei Wierder mat dueblem Konsonant duerch eng Veränderung vum Wuert en drëtte Konsonant derbäi kënnt, da fällt deen zweete Konsonant doduerch net ewech (dueble Konsonantismus vum "Radikal"):

Beispiller

Allerhellegen - Allerhellgen; knapp - knapps; Famill - Familljen,
Kapp - Käppchen; Mann - Männchen; mann - op d'mannst

8. De Konsonant <j>

Wierder mat donklem "franséischem" <j> ginn net méi <jh> geschriwwen, mee einfach <j>.

	Beispiller
(hell)	*joen, Jeeër, Joffer*
(donkel)	*Jang, Jemp, jicken, just*

9. D'Verben

D'Schreiwe vun de Verbe war ëmmer eng vun de schwieregste Saachen an eiser Sprooch, well een ni d'Schrëftbild vun alle Konjugatiounsforme virun sech hat a well et esou e Buch bis elo och net gëtt (Typ "Bescherelle").
Am Interessi vu méi Klorheet, Konsequenz a Sécherheet am Schreiwe ginn dës 3 wichteg Neierongen agefouert:

a. Mir gi beim Konjugéieren net méi vum däitschen, mä vum lëtzebuergesche Infinitiv aus;

b. Mir respektéieren den duebele Konsonant vum “Radikal”;

c. Mir schreiwen och d’Verben <sinn, hunn, ginn, goen, stoen an doen> no den allgemenge Regelen sub 1a.

9a) D'Schreifweis vun de Verben orientéiert sech, wat den eenzelen oder dueble Konsonant ugeet, beim Konjugéieren um lëtzebuergeschen Infinitif (an net um däitschen).

Mir soen:	*falen*	*behalen*	*gëllen*	*fannen*
Mir schreiwen also:	*du fäls*	*du behäls*	*du gëlls*	*du fënns*
an net:	*du *fälls*	*du *behälts*	*du *gëlts*	*du *fënds*
(däitsch):	*fallen*	*behalten*	*gelten*	*finden*

Den dueble Konsonantismus vum "Radikal" bleift an alle Formen erhalen,

Beispiller

wëllen:	*du wëlls*	*hie wëllt*	*gewollt*
fannen:	*du fënns*	*hie fënnt*	*fonnt*
gëllen:	*du gëlls*	*hie gëllt*	*gegollt*

9b) Bei Verbe mat der Endsilb <-wen> am Infinitiv, déi vun däitsche Verbe mat der Endsilb <-ben> stamen, schreiwe mer den <w> oder den <f>, jeenodeem ob de Konsonant stëmmhaft oder stëmmlos ass:

Beispiller

schreiben/schreiwen	*glauben/gleewen*	*graben/gruewen*
ech schreiwen	*ech gleewen*	*ech gruewen*
du schreifs	*du gleefs*	*du gruefs*
geschriwwen	*gegleeft*	*gegruewen*
Schreifweis	*Glawen, Glaf*	*Gruef, Graf*

9c) D’Endonge mat engem ([ç] an [χ]) ginn am Imperfekt, am Konditional an am Perfekt ëmmer mat <ch> geschriwwen:

Beispiller

ech louch, ech mouch, ech léich, ech méich, geluecht

Editeur: Service Central de Législation, 43, boulevard F.-D. Roosevelt, L-2450 Luxembourg
Imprimeur: Imprimerie de la Cour Victor Buck, s. à r. l., Luxembourg